04/2023

# de bulletin



## Editorial vum Patrick Remakel
Ried vum Patrick Remakel fir d'Ouverture vun der LuxDidac 2023

## Info aux membres
Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

## AI und künstliche Intelligenz sinnvoll in den Unterricht integrieren
Formation continue IFEN

## Eng wëll Fra a vill staark Fraen
Trëppeltour zu Lasauvage

syndicat national des enseignants cgfp

Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!

ROOM
Luxembourg

- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume





X brick®
Multifunktionsmöbel







11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
4/2023


02 Editorial vum Patrick Remakel
Ried vum Patrick Remakel fir d'Ouverture vun der LuxDidac 2023

10 Info aux membres :
Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

18 Question parlementaire N° 7967

22 AI und künstliche Intelligenz sinnvoll in den Unterricht integrieren
Formation continue IFEN

32 SNE Events
Luxdidac 2023

36 SNE Summerfest 2023

38 Concours 2023

40 Eng wëll Fra
a vill staark Fraen
Trëppeltour zu Lasauvage

# Éditorial

## Ried vum Patrick Remakel fir d'Ouverture vun der LuxDidac 2023

### 1. Begréissung

Här Minister, Dir Dammen an Hären Deputéierten, léif Vertrieder aus der Politik, léif Éieregäscht!

Am Numm vun der FEDUSE/CGFP a vum SNE/CGFP freet et mech, esou eng grouss Zuel vun Éieregäscht op der Ouverture vun der LuxDidac begréissen ze kënnen.

Et freet mech besonnesch, am Numm vun der FEDUSE/CGFP a vum SNE/CGFP, onsen Educatiounsminister, den Här Claude Meisch, den Owend bei ons ze hunn.

Merci Här Minister, fir Är Presenz a fir déi Wierder, déi Dir nach wäert un ons riichten.

Des Weidere begréissen ech d'Madamm Deputéiert a Member vun der Chamberkommissioun vun der « Éducation nationale de l'Enfance et de la Jeunesse », Martine Hansen an den Här Deputéierte Fernand Kartheiser.

Ech begréissen och aus dem « Cabinet ministériel » d'Madame Martine Molitor an den Här Gilles Dhamen, allen zwee « Premier Conseiller de Gouvernement » an den Här Lex Folscheid, « Premier Conseiller de Gouvernement a Chef de cabinet » am Educatiounsministère.

Et freet ons, des Weidere begréissen ze kënnen d'Madame Francine Vanolst, « Chef de la direction générale de l'enseignement fondamental » an aus dem « SCRIPT », den Direkter Luc Weis.

Ech begréissen och d'Presidenten an d'Membere vun de Comité-d'écollen, d'Memberen aus den Direktiounen an d'Memberen aus de Programmkommissiounen.

Mir freeën ons och iwwert d'Presenz vum Här Steve Heiliger, CGFP-Generalsekretär an dem Här Max Lemmer, Attaché de presse vun der CGFP, an de Vertrieder vu befrënnte Syndikater an Associatiounen a schliisslech all de Memberen aus de Comitéeën an den Assembléeë vun der FEDUSE/CGFP a vum SNE/CGFP.

Merci Dir Dammen an Dir Hären, fir Är Presenz a fir Är Ënnerstëtzung.

Entschëllegt, wann ech ee vun den Éieregäscht sollt vergiess hunn.

Ech begréissen awer och ganz häerzlech ons Aussteller an d'Verlaagsvertrieder, déi dës Ausstellung iwwerhaapt erméiglechen.

E grousse Merci geet un d'Responsabel vum « FORUM Geesseknäppchen », déi ons dës Lokalitéite fréndlecherweis zur Verfügung stellen.

E leschte Merci geet un de Claude Ries, de responsabelen Organisateur vun der LuxDidac, un d'Organisatiounsekipp vun der LuxDidac an un d'Ekipp vun SNE-Editions fir hire kompetenten Asaz.




### 2. LuxDidac 2023

Nodeems mir d'LuxDidac d'lescht Joer am Tramsschapp organiséiert hunn, si mir dëst Joer wéi déi laang Jore virdrun erëm zréck an de Forum Geesseknäppche komm.

Dëst ënnert anerem, well eis Aussteller sech dat gewënscht hunn.

Den SNE/CGFP ass ëmmer oppe fir Changementer, scheit sech net, Neies unzegoen an ass houfreg drop, sech ëmmer nees un déi momentan Defien unzepassen.

Sief dat eng Upassung, andeems een zréck an déi laangjäreg Lokalitéite geet, sief dat, bedéngt duerch eng Pandemie, d'Foire a kuerzer Zäit virtuell ze organiséieren oder sief dat eng Upassung wat d'Format vun der LuxDidac ubelaangt.

Well net nëmmen d'Lokalitéit huet geännert, d'LuxDidac fënnt dëst Joer och zu engem aneren Zäitpunkt statt.

Wéi Dir wësst ass d'LuxDidac soss ëmmer mat der Rentrée am September zesummegefall, dëst Joer fënnt si am Juni statt.

Dëst aus dem einfache Grond, dass een da méi Zäit huet, d'Rentrée ze preparéieren a sech mat didakteschem Material anzedecken an d'Nouveautéiten ze entdecken.

No enger Ëmfro bei den Aussteller koum och eraus, dass si dës Ännerung vum Datum positiv gesinn an esou war dat neit Format gebuer.

Eng weider Ännerung, déi do mat drun hänkt, ass dass d'LuxDidac duerch d'Ubannung un d'Rentrée och ëmmer méi e syndikalistesche Charakter hat.

Mir hu vun deem Moment profitéiert, eis « Rentrée syndicale » anzeleeden an dëst huet sech deementspriechend och a menger Ried gespigelt, déi méi revendikativ a kämpferesch ausgefall ass.

De Fokus läit dës Kéier awer net op eise syndikalistesche Fuerderungen.

Dëst net zulescht, well eis Doleancen dem Här Minister an och all de Parteie misste bekannt sinn.

Ganz rezent hu mir nämlech als SNE/CGFP zesumme mat der FEDUSE-Enseignement/CGFP all de Parteien eis Walpréifsteng zoukomme gelooss.

Dat ass en 20-säitege Froekatalog mat kritesche Feststellungen a Froen zu aktuellen Defien an Problematiken aus dem Enseignement.

Mir hunn de Parteie bis den 1. Juli Zäit ginn, fir eis hir Reflexiounen zu deene verschiddenen Thematiken zoukommen ze loossen.

Hei wäerte mir gesinn, wien d'Educatioun an dësem Land wierklech eescht hëlt, wéi eng Léisungen a Visiounen d'Parteie proposéieren a wie sech de Punkt

« Educatioun » net just op den Agenda schreiwe léisst, fir um Walprogramm gutt auszegesinn.

Mir waarde gespaant op d'Äntwerte vun deenen eenzele Parteien, déi mir da publizéiere wäerten.

Dëst Joer presentéiere mir Iech d'LuxDidac awer wéi gesot an engem neie Format, lassgeléist vun eise gewerkschaftleche Fuerderungen.

D'LuxDidac 2023 steet wéi ëmmer ganz am Zeeche vum didaktesche Léiermaterial, ob dat elo digital Innovatioune fir de schouleschen Alldag oder flott nei Bicher sinn, déi ëmmer nach d'Basis vun der schoulescher Bildung duerstellen.

Dofir freet et eis natierlech, dass vill bekannten Aussteller erëm dobäi sinn, déi eis scho laangjäreg op der LuxDidac begleeden, awer genau sou och ganz vill nei Aussteller bäikomm sinn, wat weist, dass d'LuxDidac ëmmer méi u Bekanntheet gewënnt.

Och dëst Joer freeë mir eis erëm, Aussteller aus Lëtzebuerg, Däitschland, Frankräich, aus der Belsch an der Schwäiz hei am Forum Geesseknäppche begréissen ze däerfen.

Och SNE/Editions ass natierlech mat hirem didaktesche Material op engem Stand present.

Zu der LuxDidac gehéieren awer och, wéi all Joer, eng Rei Formatiounen an eng Konferenz, déi an dëser Woch stattfanne wäerten.

Elo dann awer e puer Wierder zu deem Sujet, deen de Kär vun der LuxDidac ausmécht: eist didaktescht Material.

## 3. Ried zum didaktesche Material

D'Digitaliséierung ass scho laang – a spéitstens zënter der Pandemie – am Klassesall ukomm. An de leschte Joren a Joerzéngten huet sech och an eiser Gesellschaft e grousse Wandel vollzunn, deen net virun der Schouldier Halt gemaach huet. D'Schüler wéi och d'Enseignantë ginn ëmmer méi a virun allem ëmmer méi séier mat der Digitaliséierung an deem domadder verbonnene Wandel konfrontéiert. Déi digital Medie ginn ëmmer méi heefeg en alldeeglechen Deel vun dem Unterrecht an eise Schoulen. Besonnesch déi séier Entwécklung an deem Beräich stellen awer eis Schoulen an Enseignantë viru grouss Erausfuerderungen. Déi digital Medien erméiglechen nei Siichtweisen an Aufgabestellungen a bréngen duerch d'Polyvalenz u Méiglechkeete gläichzäiteg awer och eng méi grouss Komplexitéit an en nach méi groussen Opwand mat sech. Hei kann een d'Stéchwuert kënschtlech Intelligenz, oder méi prezis d'Stéchwuert ChatGPT nennen. D'kënschtlech Intelligenz bitt eis enorm vill Méiglechkeeten, vun deene mir bis ewell just dreeme konnten, mee si stellt de Bildungssystem awer zugläich viru komplett nei Erausfuerderungen. Wéi geet d'Schoul mat deem Phänomen ëm? Muss d'Schoul sech Gedanken ëm d'Gestaltung vum Unterrecht maachen? Wat sinn d'Auswierkungen op de Beruff vum Enseignant? Dat sinn nëmmen e puer Froen, déi sech an deem Zesummenhang stellen.

Fir d'Kanner geschitt den éischte Kontakt mat den digitale Medien an Apparater normalerweis net am Klassenzëmmer, mee scho virdrun, ganz fréi, doheem oder an hirer Fräizäit. Hei sinn et da meeschtens Medien, déi e spillereschen Hannergrond hunn. Obwuel dat eent dat anert net zwangsleefeg ausschléisst, verfollegen déi Spiller oft e reng distraktiven, awer net onbedéngt en edukativen Zweck. D'Kanner sinn dacks begeeschtert vun dësen Applikatiounen, och wann hiren edukative Wäert leider oft ze wënschen iwwreg léisst. Vill vun hinne verbrénge vill Zäit mat dëse Spiller a kënne sech schwéier dervun trennen. Et ass net verwonnerlech, dass eng Rei Experten der Meenung sinn, dass vun dësen Applikatiounen e gewëssent Suchtpotenzial kann ausgoen a si dofir warnen, d'Kanner ze fréi mat dëse Medien ze konfrontéieren. Besonnesch den Ëmgang mat de soziale Medien kënne fir d'Kanner an d'Jugendlech problematesch sinn. Ëmsou méi wichteg ass et, dass d'Schoul sech dëser Problematik unhëlt an dass si hinnen dee richtegen Ëmgang mat deene Medie vermëttelt, also hir Mediekompetenz fërdert a stäerkt.

Jiddereen erënnert sech nach dorunner, dass virun net all ze laanger Zäit gesot gouf, dass d'Kanner besser mat der neier Technik eens ginn ewéi hir Elteren. Vill Eltere waren iwwerfuerdert an hunn net iwwert déi néideg Kompetenze verfüügt, fir ze iwwerpréiwen zu wat fir enge Contenuen hir Kanner am Internet Zougang haten. Elo, wou ëmmer méi Elteren och selwer scho mat den digitale Medien opgewuess sinn an also den néidege Knowhow hunn, fält et hinnen trotzdeem dacks schwéier ze iwwerpréiwen, wat d'Kanner um Internet esou maachen a wou si do ënnerwee sinn.

Ee vun de Bildungsopträg vun der Schoul ass et, d'Kanner op den Alldag virzebereeden an hinnen, ewéi





ech et scho gesot hunn, déi néideg Mediekompetenz schonn am fréien Alter ze vermëttelen. Dat ass ëmsou méi wichteg, well si ëmmer méi fréi mat der multimedialer Vilfalt konfrontéiert ginn. D'Schoule mussen de Kanner also e sënnvollen a sécheren Ëmgang mat den digitale Medie weisen, ouni si awer mat der multimedialer Offer ze iwwerfuerderen. Dat ass e schwierege Balanceakt nom Motto: « So wenig wie möglich, so viel wie nötig! » Et geet also drëms, e Gläichgewiicht ze fannen. Wat brauch d'Kand, fir sech an der digitaler Welt erëmzefannen ouni et awer ze iwwerfuerderen? Gläichzäiteg stellt sech och d'Fro vum Zougang zu den digitale Medien. Nëmme wann dësen Zougang garantéiert ass, kënnen d'Kanner léieren, wéi si mat dësen Outilen ëmgoe sollen, fir dass si herno am Erwuessenenalter kompetent Utilisateuren an eiser digitaliséierter Gesellschaft sinn.

Grad an der fréier Bildung, mee och am spéidere schoulesche Parcours, geet et jo och zu Recht ëmmer ëm d'Fro vun der Chancëgerechtegkeet. Dem SNE/CGFP, ass et dofir wichteg, d'Kanner beschtméiglech op hire weidere Bildungswee virzebereeden. An dozou gehéiert ebe mëttlerweil och de korrekten a sécheren Ëmgang mat den digitale Medien. An digital Innovatioune gëtt et grad de Moment, wou d'kënschtlech Intelligenz « à la une » ass, immens vill! D'Potential, wat sech domadder erschléisst, ass nach schwéier anzeschätzen.

Mee « en général » ass de Potential vun den digitale Medie grouss, besonnesch och am Hibléck op Kanner mat engem méi bildungsschwaachen Hannergrond. Den Asaz vun digitale Medien erlaabt et, si individuell ze fërderen an ze ënnerstëtzen. D'Klasse ginn hautdesdaags ëmmer méi heterogen a grad hei kënnen déi nei Medien eng enorm grouss Plus-Value duerstellen, fir de Schüler an den Enseignant.

Esou kënnen nei digital Medien oder Applikatiounen, wéi eben och zum Beispill den ChatGPT, duerchaus eng wäertvoll Ergänzung am schoulesche Beräich sinn. Se bidde vill nei Méiglechkeete fir Schüler a fir Enseignanten. Et sollt ee sech awer definitiv och de Geforen an de Grenze vun engem Outil wéi dem ChatGPT bewosst sinn a sécherstellen, dass d'Schüler sech kritesch mat den Informatiounen ausenanersetzen, déi se online fannen. Méi ewéi jee ass et d'Aufgab vun der Schoul, d'Kritikfäegkeet an d'Iwwerpréiwe vun Informatiounen ze fërderen. Déi schier onendlech Zuel u Méiglechkeeten, déi duerch kënschtlech Intelligenz gebuede ginn, wäerten d'Schoul an d'Léieren definitiv nohalteg veränneren. Dëst kann am Ufank natierlech ofschrecken, grad well een de Moment ëmmer d'Gefill huet, net komplett kënnen ze erfaassen, wéi dat Ganzt funktionéiert a wat fir eng Auswierkungen et tatsächlech wäert hunn. Kënschtlech Intelligenz wéi den ChatGPT an aner digital Medie komplett an der Schoul ze verbidden, kann an däerf allerdéngs net d'Léisung sinn. D'Schüler géifen et soss einfach doheem selwer benotzen an d'Schoul géif d'Chance verpassen, fir se op d'Virdeeler an d'Risiken hinzeweisen. De Fortschrëtt ass net opzehalen, an d'Schoul sollt keng Angscht virdrun hunn, d'Virdeeler vun esou engem Outil ze notzen an drun ze wuessen.

Mee wéi vill Digitales ass iwwerhaapt gesond fir d'Kanner? Sollt ee sech net léiwer op dat albewäertent Buch an op déi domat verbonne Léiermethode verloossen? Bicher hunn eis ëmmer schonn am schoulesche Kontext begleet an den Ëmgang mat Bicher däerf op kee Fall verluer goen. Keen digitale Programm wäert jeemools d'Kreativitéit vun engem Mënsch ersetze kënnen. An och d'Schreiwen an d'Liesen däerfen net duerch digital Hëllefsmëttel ersat oder kompenséiert ginn. Dass d'Liese vu Bicher eng Rei Virdeeler bei der Entwécklung vum Kand huet, ass onbestridden. Mee leider ass hautdesdaags d'Konkurrenz vun anere Medien immens grouss a vill Kanner kréie sech haut net méi dofir begeeschtert, sech mat engem Buch enzwousch hinzesetzen an et ze liesen. Dobäi ass d'Lieskompetenz den A an den O vum Bildungserfolleg an et sollt een all Mëttel gebrauchen, fir se ze fërderen. Dozou gehéiert dann och dat digitaalt Angebot. Firwat also net spilleresch vun der neier Technik am schoulesche Beräich profitéieren a se als komplementar Offer asetzen? Si kann engem d'Liewen esou vill méi einfach maachen an ass och soss an all Beräich vum Alldag komplett integréiert.

Am Géigesaz dozou steet d'Usiicht, dass déi negativ Auswierkunge vun den digitale Medien, besonnesch op kleng Kanner, nach iwwerhaapt net kënnen ofgeschat ginn an d'Schoul duerfir besser als e «Schounraum» verstane soll ginn, wou d'Kanner net der Iwwerschwemmung vun neien Technologien an ongepréiften Informatiounen ausgesat ginn. Et kennt




een et schliisslech selwer: et ass een op engem Internetsite fir eppes ze recherchéieren, do muss ee sech fir d'éischt duerch allerhand kleng Fënstere klicken, déi opspréngen, Reklamme lafe lénks a riets an et muss een oppassen, dass een net aus Versinn drop klickt, soss geet erëm déi nächst Fënster op. Dëst ass scho fir Erwuessener eng immens Reiziwwerflutung. Stellt iech dat elo fir e klengt Kand vir, ouni vill Erfarung am digitale Beräich, wat nach guer net kann differenzéieren, wat wierklech wichteg ass a wat net ...!

Sech einfach emol roueg dohi setzen a sech komplett op e Buch konzentréieren, eng Säit liesen, ouni niewebäi zum Handy ze gräifen a sech einfach just an en Text eraschaffen – dat ass e ganz anert Verhalen, wéi dat « Snacke » vun Informatiounen, wat een oft am Alldag am Internet niewebäi mécht. Dobäi huet de Kafka et treffend formuléiert: « Ein Buch muss die Axt sein für das gefrorene Meer in uns ». Et muss ee sech engem Buch komplett widmen, dran antauchen a sech domadder ausenanersetzen, sech Zäit huelen a Raum loossen, fir eege Gedanken dozou ze entwéckelen. Dat ass eng Kompetenz, déi ee muss léieren an dat geet net, wann ee just häppercherswéis Informatioune konsuméiert a permanent ofgelenkt gëtt. Déi Konzentratiouns – a Reflexiounsfäegkeete sinn och Kompetenzen, déi an der Schoul gefërdert musse ginn.

Och d'Aussënnere vun de sougenannte « Fake News » ass jo ëmmer nach e grousst Thema a beweist, dass et net einfach ass, den Tri ze maachen, wat wierklech bewisen a wouer ass, a wat einfach esou online verëffentlecht ginn ass. Am Internet kann nun emol jidderee bal ganz onageschränkt schreiwen a soen, wat e wëllt. Dat mécht, dass vill Leit sech zu Recht Suerge maachen, wat d'Kanner do alles kéinte gesinn. D'Aufgab vun der Schoul ass och, déi Kritikfäegkeet bei de Schüler ze stimuléieren, fir dass si zu « kritesche » Bierger ginn, déi net alles gleewen, wat hinnen zerwéiert gëtt. Si sollen eegestänneg Iwwerleeunge kënne maachen, Situatioune richteg aschätzen a beurteele kënnen.

De Moment kann nach keen eng universal Äntwert ginn, ob et fir de Schüler dann elo besser ass iwwert den digitalen oder den traditionelle Wee ze léieren oder

ënnerriicht ze ginn. Warscheinlech läit d'Wouerecht e bësschen dertëschent an e gesonde Mix vun allem wäert warscheinlech net falsch sinn. Et ass also, ewéi ech et scho gesot hunn, e Balanceakt fir d'Schoul an d'Enseignanten a wéi engem Mooss digital Medien an al bewäerte Methoden a Léiermëttelen agesat solle ginn. Dofir ass den SNE/CGFP der Meenung, dass déi digital Medien an Outilen en ënnerstëtzende Charakter sollen anhuele wa se dann eng didaktesch Plus-value hunn. Den Asaz vun digitale Medien an ausgewielte Beräicher sollt just do stattfannen, wou et d'Léieren an engem sënnvolle Mooss ënnerstëtzt a wou ëmmer d'Wuel an déi gesond Entwécklung vum Kand am Vierdergrond steet.

Et gesäit een also wouropper et erausleeft: d'Enseignantë mussen hautdesdaags nach vill méi flexibel an upassungsfäeg sinn a si musse sech an dëser schnellllieweger Zäit bestänneg nei Kompetenzen uneegnen, fir deem Wandel gerecht ze ginn. Kee weess, wéi et an Zukunft wäert weidergoen oder wéi d'Léieren an d'Schoulhale vu muer wäert ausgesinn, mee haut schonn ass et esou facettëräich wéi ni virdrun. Jidder Enseignant brauch dofir hautdesdaags e vilfältege Repertoire u polyvalent asetzbarem Léiermaterial a -methoden, fir sech den Entwécklungen an der Welt unzepassen an d'Kanner beschtméiglech dorobber virzebereeden.

D'LuxDidac ass och dofir do, fir de Leit nei Impulser fir hir alldeeglech Unterrechtspraxis ze ginn, egal ob dat elo iwwer digital Hëllefsmëttel oder iwwert analog Léiermaterial geschitt. An deem Sënn wënschen ech lech alleguer an all de Visiteure vun eiser Léiermëttelausstellung vill Spaass beim Entdecke vun all de flotten neien didaktesche Materialien a vill Ureegunge fir d'nächst Schouljoer.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a ginn d'Wuert elo weider un de Raoul Scholtes, President vun der FEDUSE-Enseignement/CGFP.

Patrick Remakel
*President SNE/CGFP*





Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

## Betrëfft Kotisatioun vum SNE fir 2024

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Vun 2008 bis 2020 hu mir eis Kotisatioun konstant op 96 € d'Joer gehal, dëst obwuel an dëser Zäitspan 8 Indextranchen erfall sinn. 2021 hu mir dunn eng kleng Erhéijung op 115 € gemaach. Och 2021 an 2022 sinn erëm zwou Indextranchen erfall.

Eis « Assemblée des délégués » hat de 17. Mee 2022 beschloss, gemeinsam mat der CGFP, eng Kotisatiounserhéijung fir 2023 ze maachen. Dës Erhéijung ass awer net ëmgesat ginn, weder beim SNE, nach bei der CGFP, well deemools déi wirtschaftlech Situatioun, charakteriséiert duerch eng staark Inflatioun, Krich a Liwwerengpäss, eis zur Decisioun bruecht huet, déi geplangten Erhéijung fir ee Joer auszesetzen.

Eise Bilan ass doduerch Enn 2022 an déi rout Zuele geroden. Aktuell geet d'Inflatioun zréck, et sinn dëst Joer schonn 2 weider Indextranchen erfall a mir komme leider net méi derlaanscht, eis Kotisatioun fir 2024 ze erhéijen.

Eis « Assemblée des délégués » huet den 13. Juni 2023 unanime beschloss, eis Kotisatioun fir 2024 op 180 € festzeleeën. Dëse Betrag begräift och d'Assurance rc professionnelle an de Bäitrag un d'CGFP, dee vun 35 op 50 € eropgesat gëtt. Mir weisen dorobber hin, dass dës Kotisatioun no der Erhéijung elo 15 € de Mount ausmécht.

Eis Kotisatioun fir e Ménage, mat der Reduktioun fir den zweete Member, ass op 334 € festgeluecht. D'Kotisatioun fir eis pensionéiert Kolleegen klëmmt op 85 €.

Mir hoffen op äert Verständnis fir dës Kotisatiounsupassung, fir dass mir all eisen Engagementer an Aktivitéiten am Interessi vun der Léierin an dem Schoulmeeschter och déi nächst Joren nokomme kënnen.

De Comité vum SNE

**www.sne.lu**

sne cgfp — SEW OGB·L Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL — aip

**Monsieur Claude MEISCH**

Ministre de l'Education nationale, de
l'Enfance et de la Jeunesse
L-2926 Luxembourg

Luxembourg, le 3 mai 2023

**Objet :** Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

Monsieur le Ministre,

Le 20 octobre 2022, les trois syndicats AIP, SEW/OGBL et SNE/CGFP, en leur qualité de participants à la consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale, ont été invités à une réunion à l'Université du Luxembourg afin que les principaux résultats de cette consultation leur soient présentés de façon inofficielle. La finalité de cette étude scientifique, commanditée par l'Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité scolaire à l'Université du Luxembourg, était de permettre aux acteurs de terrain de rendre compte des difficultés qu'ils rencontrent au quotidien et de se positionner par rapport aux orientations et aux dispositifs mis en œuvre depuis la réforme scolaire de 2009.

Compte tenu de cette finalité, les résultats de l'enquête en question revêtent une grande importance pour les syndicats. Selon l'Université du Luxembourg, il était envisagé que l'Observatoire publie le PDF du rapport scientifique sur son site web le lendemain de la présentation des résultats de l'étude à vous-même, Monsieur le Ministre, prévue pour le 20 avril 2023. Néanmoins il semble que la date et la procédure de publication aient changé. Selon nos informations tant de la part de l'Université que de l'Observatoire, les résultats de cette enquête ne vous ont pas été présentés et ne seront pas publiés sur le site de l'Observatoire.

Nous vous serions reconnaissants de bien vouloir nous donner des précisions sur le calendrier prévu pour la publication de l'étude de l'Université et du rapport de l'Observatoire national de l'Enfance, de la Jeunesse et de la Qualité scolaire.

Dans l'espoir de vous lire, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre parfaite considération.

| | | |
|---|---|---|
| Patrick REMAKEL<br>Président du SNE/CGFP | Joëlle DAMÉ<br>Présidente du SEW/OGBL | Joëlle THEOBALD-SCHMIT<br>Présidente de L'AIP |

---

COPIE

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 2 juin 2023

Bureau du Ministre
Secrétariat de Mons.Lex
Folscheid
Tél. 247-65238
maggy.kremer@men.lu

Votre réf. /
Notre réf. :20230503/LF/mk/ SNE/SWE/AIP

Joëlle Damé
Présidente du SEW/OGBL
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Joëlle Theobald-Schmit
Présidente de l'AIP
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-Syre

Patrick Remakel
Président du SNE/CGFP
11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

**Concerne :** Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale

Mesdames, Monsieur,

Par la présente, j'accuse bonne réception de votre courrier susmentionné, qui nous est parvenu le 4 mai 2023.

Comme l'Observatoire de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (oejqs) est commanditaire de l'étude participative concernant la « consultation des acteurs de l'école fondamentale » qui fait partie d'une analyse systémique de la qualité du système scolaire, j'ai transmis à l'oejqs votre requête.

La présidence de l'oejqs prendra contact avec vous en vue de vous donner les informations sur la publication de ses travaux.

Veuillez agréer, Mesdames, Monsieur, l'expression de ma parfaite considération.

Pour le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse,

Lex Folscheid
Premier Conseiller de Gouvernement

Adresse postale L-2926 Luxembourg — Tél. (+352) 247-85100 — info@men.lu www.men.lu — www.gouvernement.lu www.luxembourg.lu

oejqs
OBSERVATOIRE NATIONAL
DE L'ENFANCE,
DE LA JEUNESSE
ET DE LA QUALITÉ SCOLAIRE

Joëlle Damé
Présidente du SEW / OGBL
63, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Joëlle Theobald-Schmit
Présidente de l'AIP
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-Syre

SNE / CGFP
Monsieur Patrick Remakel
Président
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg

Walferdange, le 21 juin 2023

**Concerne : Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale**
**n. réf. : 140623151**

Mesdames, Monsieur,

En référence à votre correspondance du 3 mai 2023 à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et suite au courrier du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse du 2 juin 2023 nous vous adressons la présente, pour vous confirmer notre disponibilité à un échange.

Selon notre méthodologie de travail, la publication des rapports de l'Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (OEJQS) s'appuie sur un calendrier bien déterminé qui prend en compte l'agencement des thématiques prioritaires et qui repose sur l'avancement des travaux. En ce qui concerne l'étude CAEF, la publication des recommandations portant sur la consultation des acteurs de l'enseignement fondamental (initialement prévue pour le 2e trimestre 2023) a été reportée au dernier trimestre 2023.
Deux facteurs expliquent ce décalage dans la publication. D'une part — suite à la lecture du rapport scientifique de l'Université du Luxembourg, après analyse des données et dans le souci d'améliorer la qualité scolaire — l'OEJQS a décidé de mettre en relation les données CAEF avec d'autres travaux de l'OEJQS (certains rapports étant déjà disponibles, d'autres en voie de finalisation) et de recourir pour certains aspects à une comparaison internationale. Au final, les recommandations émises dépassent le cadre de l'étude CAEF. Les phases de réflexion, de recherche et de rédaction ont donc pris plus de temps que prévu. D'autre part, une fois que la rédaction est terminée, le rapport est soumis aux procédures internes arrêtées par l'OEJQS. Ainsi, le rapport doit d'abord être présenté et discuté en interne, le cas échéant il doit être révisé, pour finalement être validé par le Collège des observateurs avant publication.

EduPôle Walferdange | Route de Diekirch L-7220 Walferdange | +352 247 552 68 | www.oejqs.lu contact@oejqs.lu

oejqs
OBSERVATOIRE NATIONAL
DE L'ENFANCE,
DE LA JEUNESSE
ET DE LA QUALITÉ SCOLAIRE

La publication des rapports est elle-même soumise à des procédures établies. Dans le cadre des recherches commanditées par l'Observatoire, chaque convention signée entre l'OEJQS et l'institut de recherche respectif stipule que le document contenant les recommandations émises par l'Observatoire constitue la première publication officielle des résultats du projet de recherche.
De plus, la loi modifiée du 13 mars 2018 portant création d'un Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire prévoit que les recommandations de l'OEJQS soient communiquées en premier lieu au Gouvernement et à la Chambre des députés.

Indépendamment de la publication du rapport contenant les recommandations issues de l'étude CAEF, nous restons à votre disposition pour s'échanger sereinement sur les défis inhérents au système scolaire luxembourgeois et pour discuter des choix opérés par la politique éducative pour améliorer la qualité scolaire.

Nous vous prions d'agréer, Mesdames, Monsieur, l'expression de nos salutations très distinguées.

Manuel ACHTEN
Présidence

Jean-Marie WIRTGEN
Présidence

EduPôle Walferdange | Route de Diekirch L-7220 Walferdange | +352 247 552 68 | www.oejqs.lu contact@oejqs.lu

N° 7927
Entrée le 25.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.04.2023

FRAKTIOUN CSV

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Tëschent dem 8. November an dem 17. Dezember 2021 huet d'Uni Lëtzebuerg fir den „Observatoire national de la qualité scolaire" (ONQS) ënner dem Begrëff „Consultation nationale des acteurs de l'école fondamentale" eng Etude um Terrain duerchgefouert. Heibäi haten Enseignanten an Educateuren d'Geleeënheet, iwwer hiren Alldag am Schoulbetrib ze berichten. Laut dem Internetsite vum IFEN gëtt en Atelier zu de Resultater vun dëser Etude organiséiert.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Sinn déi genannten Etude an déi entspriechend Resultater public?
    - Wa jo, wou sinn déi entspriechend Informatiounen disponibel?
    - Wann net, kann den Här Minister der Chamber d'Etude an d'Resultater zoukomme loossen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7927 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

D'Regierung huet iwwer de Koalitiounsaccord 2018-2023 dem deemolegen Observatoire national de la qualité scolaire (haut : Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire) den Optrag ginn, fir verschidden Elementer vun der Schoulreform vun 2009 ënnert d'Lupp ze huelen. Konkret sollten Aspekter wéi d'Organisatiounsformen am Cycle, d'Zesummenaarbecht tëschent den Enseignanten, de Gebrauch vun ënnerschiddlechen Evaluatiounsformen an d'Zeréckgräifen op Differenzéierungsmoossnamen analyséiert ginn.

Dësen Optrag ass en Deel vum Observatoire senger systeemescher Analys vun der Qualitéit an der Grondschoul. Als éischt Element vun dëser Evaluatioun vun der Schoulreform vun 2009 huet den Observatoire e Sondage bei verschiddenen Acteure vun der Educatioun duerchféiere gelooss, fir d'Aarbechten un der Evaluatioun besser kënnen ze orientéieren. Dëse Sondage huet iwwer Online-Froebéi (November – Dezember 2021) an iwwer Workshops (Abrëll – Juni 2022 an August – Oktober 2022) stattfonnt.

Dëse Sondage baséiert op international unerkannte Modeller a wëssenschaftlech validéierte Questionnairen, mee fir verschidden Aspekter goufen d'Acteuren och ëm hir Meenung gefrot. Dofir kënnen d'Aussoen och widdersprëchlech an net konkluent sinn.

D'Fuerscher vun der Uni.lu weisen op de Risiko hin, wann een d'Resultater wéilt generaliséieren, datt den Echantillon weder equilibréiert nach representativ wier.

Och gëllt et ze bedenken, datt d'Questionnaire wärend der COVID-19-Pandemie ausgefëllt gi sinn, wou den Drock op d'Enseignantë grouss an d'Aarbechtsrealitéit eng aner war wéi an normalen Zäiten.

An enger zweeter Phas ginn déi Donnéeën aus dëser Consultatioun weider analyséiert, a wäerten an eng Evaluatioun vum Dispositif vun der Reform vun 2009 mat afléissen, déi den Observatoire an deene kommende Méint wäert virhuelen. An dëser systeemescher Analys vun der Qualitéit an der Grondschoul fléissen d'Erkenntnisser vu sämtlechen Etüden, déi an deem Zesummenhang duerchgefouert goufen, zesummen. Esoubal dëse Rapport vum Observatoire mat senge Recommandatioune wäert fäerdeggestallt sinn, wäert den Observatoire der Regierung an der Chamber de Rapport iwwermëttelen. Fir all weider Réckfroe steet den Observatoire dem Parlament, wéi och de Schoulacteure gären zur Verfügung, am Interessi vun enger sachlecher a wëssenschaftlech fundéierter Ausernanersetzung mat der Educatiounspolitik zu Lëtzebuerg.

Et sief nach gesot, datt déi Ausso vun der honorabeler Deputéiert, datt aktuell op der Internetsäit vum IFEN en Atelier zu de Resultater vun der Etüd CAEF organiséiert gëtt, net ka bestätegt ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

*Infomail vum SNE/CGFP zum RTL - Podcast "Drëtt Hallschent " vum 15. Mee mam Nicole Kuhn-Di Centa, Presidentin vun der LASEP.*

**ESOU NET, MADAMM PRESIDENTIN!**

Fir d'alleréischt wëlle mir ervirsträichen, dass mir en immens grousse Respekt virun der Aarbecht, dem Asaz an der Kompetenz vun de Kolleeginnen a Kolleegen aus den Associatiounen Art à l'école, LASEP a MUSEP hunn. Dës Associatiounen erlaben et eise Kanner, ausserhalb vum reguläre Schoulhoraire artisteschen, musikaleschen oder sportlechen Aktivitéiten nozegoen. Dës para-periscolaire Aktivitéite gesäit den SNE/CGFP als immens wäertvoll a wichteg un. Ausser dem Constat, dass dës dräi Associatiounen eng remarkabel Aarbecht am Interêt vun de Kanner leeschten, géife mir eis et awer nimools erlaben, eis iwwer den interne Fonctionnement vun dësen Associatiounen auszeloossen a Kommentaren oder Kriticken dozou ofzeginn.

Dofir si mir och virum Lauschtere vum Podcast "Drëtt Hallschent" vum 15. Mee mat der Presidentin vun der LASEP dovunner ausgaangen, dass dëse Podcast sech géif em d'LASEP dréinen a net haaptsächlech em de Fonctionnement vun der Grondschoul.

Entsat ware mir als SNE/CGFP dunn awer iwwer d'Aussoen, déi d'Presidentin vun der LASEP an dësem Podcast gemaach huet. D'Madamm huet nämlech net nëmmen iwwert d'Wichtegkeet vum Sport fir d'Kanner am Allgemengen an d'Bedeitung vun der LASEP fir de Schoulsport am Spezielle geschwat, mee si huet sech haaptsächlech iwwer de schlechte Fonctionnement vun der Grondschoul an iwwert déi mangelnd Qualitéit vum Enseignement, an dobäi besonnesch vum Sportunterrecht, ausgelooss. Schold dorunner wieren haaptsächlech d'Enseignanten, déi net iwwer genügend Kompetenze géife verfügen, fir de Sportunterrecht ze halen, deenen et un Engagement géif feelen an deenen d'Work-Life Balance haut méi wichteg wier wéi, salopp gesot, hir Aarbecht. Dat kënne mir als SNE/CGFP net einfach esou am Raum stoe loossen. "Philosophéiert" gouf ënnert anerem och iwwer Theme wéi e Mangel u Qualitéit an der initialer Ausbildung vun den Enseignanten, d'Widderstänn vun de Gewerkschaften, d'Virdeeler an d'Nodeeler vum Generalist a vum Spezialist an der Grondschoul, d'Déchargesstonne bei den Enseignanten, d'Wichtegkeet vun de sougenannten Niewefächer vis-à-vis

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437 L-1024 Luxembourg
sne@education.lu www.sne.lu

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

vun den Haaptfächer Däitsch, Franséisch a Mathematik, de Fonctionnement vun den Direktiounen an de Rôle vun den Elteren an hir Angscht, hir Meenung beim Enseignant zum Ausdrock ze bréngen.

Als SNE/CGFP wëlle mir op dëser Plaz net am Detail op all déi Themen agoen, déi an dësem Podcast ugeschnidde gi sinn. Mir wieren eis awer mat aller Vehemenz géint all Frontalattack a Pauschaliséierungen, déi géint d'Enseignantë geriicht sinn. Mir loossen et och net zou, dass d'Aarbecht an d'Ausbildung vum Enseignant denigréiert an duerch den Dreck gezu gëtt.

Dass de Sport am Allgemengen an de Schoulsport am Spezielle vu grousser Wichtegkeet fir d'Kanner sinn, steet fir den SNE/CGFP ausser Fro. Nëmmen e Kand wat sech och gutt a senger Haut spiert a wat gutt a Form ass, kann och gutt schoulesch Leeschtunge bréngen. Ze behaapten, de Sport wier den Enseignanten net wichteg a si géifen do net deen néidegen Asaz weisen, dat ass einfach falsch. Den Enseignant gesäit d'Kand als Ganzt a fir hie sinn all d'Fächer wichteg. Den Enseignant hält all seng Fächer mat där néideger Kompetenz an deem néidegen Engagement, egal op dat elo déi sougenannten Haaptfächer wéi Däitsch, Franséisch oder Rechne sinn, oder déi sougenannten Niewefächer.

Der Presidentin vun der LASEP wëlle mir just mat op de Wee ginn, dass all déi LASEP-Sektiounen uechtert Land zanter Joren a Joerzéngte och just Dank dem Engagement, der Kompetenz an dem Devouement vun Enseignanten an Educateure bestinn.

À bon entendeur, salut!

De Comité central vum SNE/CGFP

11-13, rue des Ardennes L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18 Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437 L-1024 Luxembourg
sne@education.lu www.sne.lu

N° 7967
Entrée le 05.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.05.2023

LSAP

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. Mee 2023

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Mat der Aféierung vun der gratis Hausaufgabenhëllef an de Maison Relaisen ab der Rentrée 2022/23 ass och d'Applikatioun e-Bichelchen agefouert ginn. Den Här Minister huet annoncéiert, datt vun der Rentrée 2023/24 un gewënscht ass, datt dësen Outil all Dag bei alle Fondamentalsschüler an den Asaz kënnt. Ausserdeem ass ugekënnegt ginn, datt mat der progressiver Evaluatioun zousätzlech Funktionalitéite sollten an d'e-Bichelchen integréiert ginn.

An dësem Zesummenhang stellen ech dem Här Minister gär follgend Froen:

- Wäert d'e-Bichelchen ab der Rentrée 2023/24 fir all Schüler an all Enseignante vum Fondamental obligatoresch sinn?
- Wäert fir d'Rentrée 2023/24 eng Kommunikatiounsfunktioun integréiert sinn, déi et Enseignanten, Elteren an dem Personal vu SEAen erlaabt sech iwwert Hausaufgaben esou wéi aner wichteg Informatiounen aus dem Alldag vun den eenzele Schüler auszetauschen?
- Wéi eng zousätzlech Funktioune wäerte fir d'Rentrée 2023/24 am e-Bichelchen integréiert a funktiounsfäeg sinn?
- Wéi eng Persoune kréien ënnert wéi enge Konditiounen Accès op d'e-Bichelchen a gegeebenenfalls op d'Kommunikatiounsverleef an der Applikatioun? Kann der Här Minister versécheren, datt de Principe de limitation des finalités vum RGPD respektéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N°7967
Entrée le 13.06.2023
Chambre des Députés

VERIFIED
Vum SNE/CGFP gefuerdert !

AN UGEHOLL !

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7967 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

**Ad 1)**

Zum aktuellen Zäitpunkt gëtt weiderhin a Récksprooch mat den Acteuren um Terrain un der Optimiséierung vun der Applikatioun *e-Bichelchen* geschafft, fir dës nach verstäerkt un d'Besoine vu sämtleche concernéierte Membere vun der Schoulcommunautéit unzepassen an hiren Doleancë esouwäit wéi méiglech nozekommen. Et ass deemno hëllefräich, wann eng méiglechst héich Unzuel vu Schoule sech fir d'fräiwëllegt Zeréckgräifen op d'*e-Bichelchen* decidéiert, vu datt hir Erfarungswäerter am deeglechen Ëmgang mat der Applikatioun an de Perfectionnement vum *e-Bichelchen* kënnen afléissen. **Bedéngt doduerch, datt d'Applikatioun aktuell an enger Weiderentwécklungsphas ass, déi duerch eng fräiwëlleg Collaboratioun mat den eenzelnen Acteure favoriséiert gëtt, schéngt et nach net ubruecht, d'*e-Bichelchen* fir all d'Enseignanten aus dem Enseignement fondamental obligatoresch ze maachen.**

**Ad 2)**

An der aktueller Versioun vum *e-Bichelchen* besteet elo schonns d'Méiglechkeet, datt Elteren, Schüler, Enseignanten an d'Personal vun de SEAen zu all Hausaufgab kënne kommunizéieren oder soss Informatiounen austauschen. D'Aféierung vu weidere Kommunikatiounskanäl wéi z. B. *Chat* oder *Messenger* gëtt de Moment analyséiert.

**Ad 3)**

Fir d'Rentrée 2023/24 ginn Adaptatiounen an nei Funktiounen a follgende Beräicher implementéiert:

- Adaptatiounen um Niveau vun der Saisie vun den Hausaufgaben
- Adaptatiounen um Niveau vum Envoi vun de Mailen
- Méiglechkeet, d'Hausaufgaben/d'Prüfungen pro Dag op Pabeier ze drécken
- Adaptatiounen an Extensioun vun den Notifikatiounen (mobil a Web)
- Adaptatioune vum Affichage vu Kanner fir d'Personal vun de SEAen
- Kreatioun vun engem Espace fir d'Regionaldirektiounen
- Verbesserung vun der Gestioun vun den Absencen

D'Detailer heizou gi spéider um Internetsite vum CGIE dokumentéiert an d'Enseignantë kréien eng Informatioun dozou.

**Ad 4)**

An de Betreiungs- a Bildungsstrukturen hu just déi Leit Accès op d'*e-Bichelchen*, fir déi den Träger e Benotzerkonto-IAM beim CGIE ugefrot huet. Dës Ufro verleeft entspriechend der Prozedur, déi am Kader vum System eduConnect (http://educonnect.cgie.lu) virgesinn ass, dëst am Respekt zum RGPD.

Fir d'Rentrée 2023/2024 ginn d'IAM Benotzerkonten automatesch vum CGIE verlängert fir déi Leit, déi nach am Déngscht sinn ab dem 1. September 2023. An deem Sënn gouf eng Kommunikatioun un d'Träger geschéckt. D'Träger si gebieden, dem CGIE d'IAM-Benotzerkonte matzedeelen, déi fir d'Schouljoer 2023/2024 verlängert solle ginn. Dës Demarche gëtt duerch eng Prozedur duerchgefouert, déi de CGIE festgeluecht huet. Dës Prozedur wäert den Träger nach matgedeelt ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

VERIFIED
Vum SNE/CGFP
gefuerdert !

AN UGEHOLL !

## Extrait aus der Resolutioun vum SNE/CGFP iwwert d'Hausaufgabenhëllef, déi den 11. Oktober 2022 vun der Assemblée des Délégués vum SNE eestëmmeg ugeholl gouf.

**Den Zougang zum e-Bichelche muss fir all Concernéierte garantéiert sinn.**

Ass et wierklech realistesch dovun auszegoen, dass jiddereen iwwert dat néidegt informatescht Material verfüügt, fir Zougang zum e-Bichelchen ze hunn? Des Weidere muss ee sech d'Fro stellen, ob d'Contenuen, déi am e-Bichelche stinn, wierklech esou sensibel sinn, dass ee se esou staark securiséiere muss?

**Op Grond vun all dësen Argumenter fuerdert den SNE/CGFP, dass de Gebrauch vum e-Bichelchen och an Zukunft fakultativ bleiwe muss.**

Dem Enseignant muss et fräigestallt bleiwen, op wéi eng Manéier hie mat den Elteren an der Maison relais kommunizéiere wëllt a wéi hie seng Schüler an dëse Prozess mat abanne wëllt, an dat net nëmmen dëst Joer, mee och an Zukunft.





# Formation continue IFEN

## Code: D6-e-03

## AI und künstliche Intelligenz sinnvoll in den Unterricht integrieren



### Zielsetzung / Objectifs

**Wissen :**
Die Teilnehmer/-innen lernen kennen:
- sinnvolle digitale Tools im Unterricht
- AI-Tools, um gemeinsam zu erleben
- ungewöhnliche Lehrmaterialien mit Hilfe von KI
- kreative Wege der Gestaltung.

**Fähigkeiten :**
Die Teilnehmer/-innen werden in der Lage sein:
- Ihre Unterrichtsstunden neu zu gestalten
- Mit AI und KI neue Lehrwege zu schaffen
- Erlebnisse in der Klasse schaffen
- Kinder zum Träumen zu animieren.

**Haltung :**
Die Teilnehmer/-innen:
- sind offen gegenüber neuen Möglichkeiten
- überdenken das Klassenzimmer
- setzen auf neue Lehrmethoden
- AI-Tools für einen neuen modernen Unterricht.

### Inhalt / Contenu

Künstliche Intelligenz – ihre Chancen und Tücken: Dieser Kurs richtet sich an Lehrer/-innen, die ihre Schülerinnen und Schüler auf die Anforderungen einer digitalen Zukunft vorbereiten möchten. Die Kursinhalte vermitteln eine Einführung in die Grundlagen künstlicher Intelligenz und mögliche Anwendungen in verschiedenen Branchen. Der Schwerpunkt liegt darauf, wie es Lehrer/-innen gelingt, KI-Technologien sinnvoll in ihren Unterricht zu integrieren. Nicht zuletzt, um ihre Schülerinnen und Schüler für neue Technologie zu begeistern, sondern auch, um ihnen eine kritische und ethisch fundierte Herangehensweise zu vermitteln.

### Arbeitsformen / Approche méthodologique

Der Kurs basiert auf zahlreichen praktischen Beispielen und Übungen, die Pädagog/-innen helfen werden, KI-Projekte zu planen und erfolgreich umzusetzen.

### Referent / Formateur

Felix Graf Consolati, Creative-Producer und Dozent

### Teilnehmer / Participants

| | |
|---|---|
| **Modalité :** | Présentiel |
| **Nombre max. de participants :** | 12 |
| **Statut de la formation :** | Inscriptions ouvertes au 3 juillet 2023 à 18h00 |

### Praktische Hinweise / Informations pratiques

| | |
|---|---|
| **Ordre/s d'enseignement :** | C1, C2-4, ES |
| **Public cible :** | personnel enseignant, éducatif et posycho-social |
| **Langue(s) :** | allemand |

### Date et heure / Termin

**Date : le lundi 23 octobre 2023 de 17 à 20 heures**
**Lieu : Syndicat National des Enseignants - SNE - Salle des conférences**

**Inscription :**

https://ssl.education.lu/ifen/descriptionformation?idFormation=284375



Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW




It's my bank too!
BANQUE RAIFFEISEN, société coopérative
Bestëmmt och Dir mat.
D'Raiffeisen ass eng Genossenschaftsbank an dat ännert alles!
Gitt och Dir Member andeems Dir eng Part Sociale fir 25 € ënnerschreift a profitéiert vu villen Avantagen! Bei der Raiffeisen sidd Dir nämlech net nëmme Client vun enger Bank. Dir sidd gläichzäiteg och Kopropriëtär.
Méi Informatiounen op itsmybank.lu
Gitt Kopropriëtär fir 25 €
Raiffeisen
D'Bank déi hire Membere gehéiert



EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu


Groupe
renovation.lu
Handwierk aus Lëtzebuerg
www.renovation.lu
288 308


STORYBOARD
Schreif an erziel
deng eege Geschicht!
Mam OLEFA Storyboard
Setz deng eege Biller an oder notz den direkten Zougrëff op Pixabay
Setz Links, Sprooch-opnahmen & Videoen an deng Geschicht
Maach e Comic mat verschiddene Spriechblosen
Schaff mat méi Kolleege gläichzäiteg un denger Story
EDUCDESIGN
Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / info@educdesign.lu


boesner
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER
Alles was kleine Künstler brauchen
· Über 28.000 Artikel
· Staffel- und Großhandelspreise
· Lieferservice
· Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum
boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr
Auf 3.200 m²
Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier
www.boesner.com


MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE
Saison 2023
Visitt Mine & Grouwebunn
Fir individuell Visiteuren
vun Abréll bis Juni an
am September:
vun Donneschdes bis Sonndes
am Juli an August:
vun Dënschdes bis Sonndes
Departe: 14:30, 15:30, 16:30
Detailléiert informatiounen:
www.mnm.lu


Lineheart, ären Apple Partner
fir d'Digitaliséierung am Enseignement.
Wielt haut déi richteg Servicer a Produiten fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.
Berodung
Installatioun
Support-Formatioun
Maintenance
Locatioun-Finanzement
iPad / MacBook / iMac
Accessoiren
Wifi-Réseau
Projektioun / interaktiv Tafel
Robotik / Coding
Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.
lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu
LINEHEART
Authorised Education Specialist



Existe en
65"/75"/86"

Tableau interactif
Speechi

L'impression d'écrire comme sur du papier
avec tous les avantages du numérique.

- Ecriture et dessin directement sur l'écran
- Utilisation intuitive
- Précision et réactivité de l'écran
- Cours animés et créatifs
- Logiciels de présentation et d'annotation inclus

CK Office technologies
by Charles Kieffer Group

Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés

Charles Kieffer Group

ck.lu

# Mir gratuléieren !

Den SNE/CGFP gratuléiert dem BBC TEAM TEACHING vir hiren Championstitel.



+ CLASSEMENT

| # | Équipe | Joué | Gagné | Nul | Perdu | Forfait | Points | Égalité | Diff. points | Diff 1 | Diff 2 | Off | Def |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Team Teaching | 10 | 8 | 0 | 2 | 0 | 18.0 | | | | | 888 | 663 |
| 2 | BBC Spuerkeess | 10 | 7 | 0 | 3 | 0 | 17.0 | | | | | 810 | 655 |
| 3 | Black Lions | 10 | 6 | 0 | 4 | 0 | 16.0 | 3 | 27 | | | 802 | 714 |
| 4 | BBC Police | 10 | 6 | 0 | 4 | 0 | 16.0 | 3 | -27 | | | 660 | 596 |
| 5 | Amazon | 10 | 2 | 0 | 8 | 0 | 12.0 | | | | | 646 | 811 |
| 6 | CFL | 10 | 1 | 0 | 9 | 0 | 11.0 | | | | | 502 | 869 |

DIDERICH

librairie
papeterie
café
jeux/bricolage

2 rue Victor Hugo
Esch/Alzette

info@diderich.lu
www.diderich.lu

# LUXDIDAC
## FORUM GEESSEKNÄPPCHEN

**06-08.06.2023**






































Créativité pour tous
Apple Teacher




Education musicale dans l'enseignement fondamental








HELBLING




Erasmus+
europass




Learning by doing








syndicat national des enseignants cgfp

# Summerfest




## mat eise Memberen

**16.06.2023**

























# Concours 2023 (30.06.2023)

Mam Schreiwe vum leschten Exame vum Concours 2023 kommt Dir, léif KandidatInnen dem Beruff vum Enseignant e grousse Schratt méi no. Den SNE/ CGFP wënscht vill Erfolleg op Ärem weidere Wee.










sne
syndicat
national des
enseignants
cgfp



# Eng wëll Fra a vill staark Fraen

## Trëppeltour zu Lasauvage

O mei, wat ass dat da fir en Titel? Abee, wann Dir den Artikel bis gelies hutt, da verstitt Dir, ëm wat et geet.

Fänke mir mat der wëller Fra un: Lasauvage. Wuel keng Uertschaft hei am Ländchen ass sou onbekannt, jo sou geheimnisvoll wéi dat klengt Dierfchen aus der Gemeng Déifferdeng, sou no un der franséischer Grenz, datt ee Schrack duergeet, fir datt ee beim Spadséieren onverhofft am Frankräich ass.

En Dënschdeg, den 21. Juni hu sech eng Handvoll vun eise Memberen (alles Männer) getraff, fir ënnert der Leedung vun eisem Kolleeg a Lokalmatador Laurent Berck de Geheimnisser vun der « wëller Fra », hirer Geschicht an hirer Schéinheet op d'Spuer ze kommen.

Zowaasch, wéi de Lëtzebuerger Numm vun där klenger Uertschaft ass, läit an engem Dallkessel am Südweste vun eisem Ländchen, quasi op alle Säite vu Bierger a Bëscher ëmginn. Déi Lag gëtt dem Dierfchen dee geheimnisvollen an zugläich verschlofene Charakter, deen een an där Form am Minett soss néierens erëmfënnt.

Vill vun den Informatiounen, déi de Laurent eis wärend der Promenad erzielt huet, wousste mir net. Schonn am 17. Joerhonnert gouf zu Zowaasch Wisenäerz zu Eise verschafft. No an no koum dunn den Ofbau an de Minnen dobäi; déi lescht vun hinnen huet 1978 zougemaach an déngt haut nach als « natierlech Klimaanlag » fir Zowaasch.

Do, wou haut d'Schoulgebai steet, stoung fréier den éischten Héichuewen an eisem Land. Deemools hu ronn 1000 Leit am Duerf gewunnt a geschafft; haut sinn et der nach ëm déi 400.

D'Kierch vun Zowaasch gouf vun de Schmelzhäre baue gelooss. Si ass vun engem Paräiser Architekt am Stil vun der « Sainte Chapelle » entworf ginn. D'Hellegebiller an de Fënsteren hunn d'Gesiichter vun de Schmelzhären an hire Fraen.






Eng weider Kuriositéit ass de Kierfecht vun Zowaasch; dee läit op franséischem Terrain. Et gëtt behaapt, datt viru Jore bei all Begriefnes en Douanier huet missten dobäi sinn. Ob dat haut och nach sou ass oder ob de Schengenraum och nach nom Doud gëllt, weess ech net.

Paradis, Balcon a Refugium, Baach, Weier an Naturschoul, Schlass a Casino sinn aner Attraktiounen, déi de Laurent eis gewisen an erkläert huet. Aus Plazgrënn ginn ech net weider dorop an. Mir ware jiddefalls iwwerrascht, wéi vill Wëssens- a Kuckeswäertes dës kleng Uertschaft ze bidden huet.

Nodeems mir dann och nach d'So vun där wëller Fra, déi der Uertschaft hire Numm ginn huet, héieren hunn, war et Zäit, op den Apero an e klenge Maufel an d'Paschtoueschhaus ze goen; Presbytère heescht nämlech de Restaurant, deen d'Leit empfänkt, wann een no engem gemittlechen Trëppeltour Honger an Duuscht huet.

Merci Laurent fir dee flotten Tour.



# Femmes pionnières au Luxembourg

sne seniors



Ëm manner wëll, duerfir awer grad esou staark Frae geet et an eiser nächster Aktivitéit: Femmes pionnières du Luxembourg.

« Fondée en 2016, cette association s'est donnée comme mission de faire des expositions ou publications sur des femmes pionnières, visionnaires ou méritantes du Luxembourg, et ceci dans tous les secteurs ou domaines d'activité. Elle souhaite faire connaître ces femmes extraordinaires, partager leur histoire et rendre visible leur contribution à la société luxembourgeoise et à son développement. » (https://www.femmespionnieres.lu)

Christine Majerus, Claire Ernster-Kihn, Colette Flesch, Elise Goedert, Josiane Kartheiser, Lea Linster, Liliane Thorn-Petit, Nelly Duhr, Tilly Jung, Vicky Krieps, Yolande Kieffer, ...

Dat sinn nëmmen e puer Nimm vu Fraen, déi op iergendeng Manéier Pionéieraarbecht an hirem Domaine geleescht hunn; staark Fraen deemno. No enger Aféierung duerch d'Joëlle Letsch, Präsidentin vun der a.s.b.l. « Femmes pionnières du Luxembourg » kucke mir zesummen de Film mat deem selwechten Numm. Bei engem gudde Patt, engem leckeren Amuse-bouche an engem lackere Gespréich schwätze mir iwwert an och vläicht mat enger oder där anerer « Femme pionnière ».

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** ca. 1,5 Stonn

**Datum:** Méindeg, de 02.10.2023
um 18.30 Auer

**Plaz:** Siège vum SNE
11-13 rue des Ardennes,
L-1133 Lëtzebuerg-Bouneweg

(Parking Sous-terrain Centre Culturel de Bonnevoie; Arrêt Autobus/Tram: Dernier Sol-Leschte Steiwer oder Bus: Bouneweg Léon XIII)

**Zuel:** min. max 35 Persounen

**Präis:** ///

**Umeldung: events@sne.lu oder 48 11 18-1 bis den 25. September 2023 um 16h00**

**Info: https://www.femmespionnieres.lu**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun.)

*Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op enger Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.*

## SAVE THE DATE

- **Bistrot littéraire:** Méindeg, den **13.11.2023** um 18.00 Auer am «Le Bovary» zu Weimeschkierch











**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

@Cgfp_lu







# LUX VOYAGES









**Chamäleon** Die Reise Ihres Lebens.

## Reise nach Lappland

Sie möchten im Winter eine richtige Schneelandschaft entdecken? Dann nichts wie weg nach Lappland. In einer kleinen Reisegruppe fliegen Sie nach Umeå. Die Reiseleitung wird Sie beim ersten Abendessen schon mal mit einem Crashkurs mit dem Leben in der Arktis und Subarktis versorgen. In den folgenden Tagen werden Sie eine Husky- und eine Rentierfarm erleben, Polarlichter jagen, Elche aufspüren und das „Icehotel" besuchen – eine aufregende Reise in die Kälte.



**Reisepreis pro Person:**
**ab 4.399 € im Doppelzimmer,** inklusive

- Linienflug mit Lufthansa und SAS ab Frankfurt nach Umeå und Rückflug ab Tromsø
- 8 Übernachtungen in Hotels
- Fahrt mit dem Schnellkatamaran von Harstad nach Tromsø
- Besuch einer Huskyfarm inklusive Fahrt mit einem Hundeschlitten
- Besuch einer Rentierfarm in Malå
- Besuch des Ájtte-Museums in Jokkmokk
- Auf der Suche nach Elchen nahe Kiruna
- Besuch im „Icehotel" in Jukkasjärvi
- Zu Fuß im Abisko-Nationalpark
- Deutschsprechende einheimische Reiseleitung

Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführliche Reisebeschreibung dieser und einer Vielfalt anderer Chamäleon-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.

**LUX VOYAGES s.à r.l.**
25-A, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Tél.: 47 00 47 - 1
info@luxvoyages.lu






## LEARNING BY DOING

FOURNITURE POUR ECOLE
MATERIEL DIDACTIQUE
BRICOLAGE PAPETERIE
JEUX ET LOISIRS



**Learning By Doing**
30, avenue Frantz Clément
L-5612 Mondorf-les-Bains
Luxembourg
tél. +352 26 67 19 25
info@lbd.lu
www.lbd.lu

**LEARNING BY DOING**
**À MONDORF-LÈS-BAINS**

**Votre spécialiste de la papeterie : manuels & fournitures scolaires, livres, loisirs créatifs...**



Shop Green
SuperDrecksKëscht®
Shop Green
Äre Label fir nohaltegt Akafen
zu Lëtzebuerg.
Iech ass wichteg datt Schoulmaterial nohaltege Krittären
entsprécht a schuedstofffräi ass ?
Da kuckt beim Akaf nom Label Shop Green.
Shop Green eng Campagne vun der
SuperDrecksKëscht® mat senge Partner.
SDK
SuperDrecksKëscht®
Méi Infoe fann där ënnert
www.shop-green.lu
CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG
CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
LUXEMBOURG CONFEDERATION
ULC
INDR




Vos voyages, votre mobilité,
notre ADN
www.emile-weber.lu
voyages
emile weber




Kanner Këscht
KLÄNG FIR DÉI KLENG
LAUSCHTERGESCHICHTEN
A MÉI FIR KANNER
VUN 3-12 JOER
OP
100KOMMA7.LU/KANNER
ODER AN EISER APP
radio 100,7
radio 100,7
Média de service public 100,7
21a, avenue J.F. Kennedy L-1855 Luxembourg
www.100komma7.lu

# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum


**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.


La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source. Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.


syndicat national des enseignants cgfp

**Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat**

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos événements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout événement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel si elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ................ Prénom ................ Date de naissance ................

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ................ Promotion (année) ................ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ................

Commune / Localité de travail ................ Nom de l'école ................

**Domicile :** Numéro ........ Rue ................ Code postal ........ Localité ................

Adresse électronique ................ Téléphone / gsm ................

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ................ Date de naissance ................ Catégorie : cf tableau ci-contre ................

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ................

auprès de CCP / établissement bancaire ................

Date ................

Signature ................

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2023 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | | 80 € +35 € **= 115 €** | **9,58 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés<br>Total : | 1. : 115<br>2. : 100<br>215 | 80 € + 35 € **= 115 €**<br>65 € + 35 € **= 100 €**<br>**= 215 €** | **17,92 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 1. : 115<br>2. : 100<br>3. : 100<br>etc. | 80 € + 35 € **= 115 €**<br>65 € + 35 € **= 100 €**<br>65 € + 35 € **= 100 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | | 35 € + 35 € **= 70 €**<br>70 € + 70 € **= 140 €** | **5,83 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE


ernster®
service B2B
ÄR BESOINEN
OP MOOSS
Ernster Service B2B
b2b@ernster.com | +352 22 50 77 1 | www.ernster.com




COMMANDEZ DES **AGENDAS**
**TWEENZ** POUR VOS ÉLÈVES !

Pour plus de renseignements ou pour commander vos agendas **Tweenz**, contactez-nous via e-mail à **tweenz@spuerkeess.lu** ou par téléphone au **(+352) 4015-2117.**

L'agenda Tweenz est produit sur base d'un modèle d'agenda standard en format A5. Les semaines sont présentées sous forme de page double et la couverture personnalisée Tweenz comporte un horaire en 2e de couverture.

SPUERKEESS

SPUERKEESS.LU/**tweenz**

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775


| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
|---|---|
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | **Port payé** **PS/161** |